N°1535
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°1535 vun den honorabelen Deputéierten Djuna Bernard a Joëlle Welfring iwwer d'Situatioun vu Sans-abrien zu Lëtzebuerg.**

Ad 1)

De Familljeministère approchéiert a sensibiliséiert reegelméisseg d'Gemengen. Dëst war scho virun der Chamberkommissioun am Juli 2024 de Fall, a gouf och duerno nach weider gemaach. Sou ass de Sujet vun der Obdachlosegkeet, mee och déi aner Ressorte vum Familljeministère, a gemeinsame Reuniounen an Echange mat de Gemengen ugeschwat gi fir Léisungen zu spezifesche Besoinen auszeschaffen.

Notamment an der Circulaire n°2024-061 vum 30. Juli huet de Familljeminister d'Gemengen am ganze Land kontaktéiert fir gemeinsam Projeten am Beräich vun der Obdachlosegkeet an dem Accueil vun Demandeurs de protection internationale (DPI) op d'Been ze stellen.

Ad 2)

Strukturen déi am Kampf géint d'Obdachlosegkeet genotzt ginn, sinn an e puer Gemengen ze fannen, zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg wéi och d'Stad Esch-Uelzecht, déi essentiel Partner vum Familljeministère an der Bekämpfung vun der Obdachlosegkeet sinn.

Esou kann een als gemeinsame Projet d'Haltes de nuit an der Stad Lëtzebuerg ernimmen. An deem Kader huet de Familljeministère d'Stad Lëtzebuerg finanziell iwwert eng Bautekonventioun ënnerstëtzt (doduerch ginn zum Beispill Renovatiounskäschten, Premier équipement an divers Honorairen ofgedeckt) dat aktuell vun der Associatioun *Hëllef um Terrain* als Halte de nuit exploitéiert gëtt. D'Personal- wéi d'Fonctionnementskäschte gi vum Familljeministère iwwert eng Konventioun mam Gestionnaire iwwerholl.

Des Weideren huet d'Stad Lëtzebuerg der Associatioun *Inter-Actions* och een Terrain zur Verfügung gestallt an no hire Besoinen amenagéiert fir eng mobile Halte de nuit heirobber opzeriichten. D'Personal- wéi d'Fonctionnementskäschte gi vum Familljeministère iwwert eng Konventioun mam Gestionnaire couvréiert.

An der Stad Esch-Uelzecht kann een d'Struktur vum Abrisud ernimmen. Den Abrisud wäert an een néit Gebai mat enger méi héijer Capacitéit plënneren. Dëst ass kaf gi vun der Gemeng. De Familljeministère bedeelegt sech och hei finanziell iwwert eng Bautekonventioun. Och hei ginn d'Personal- wéi d'Fonctionnementskäschte vum Familljeministère iwwert eng Konventioun mam Gestionnaire gedeckt.

Eng weider Initiativ déi een ernimme kann am Beräich vun der Wunnengsexklusioun ass d'Initiativ vun de véier Kordallgemengen (Déifferdeng. Käerjeng, Péiteng, Suessem), déi duerch de vum Familljeministère konventionéierte Service *Agence Immobilière Sociale Kordall* ëmgesat gëtt, an duerch deen sech déi véier Kordallgemengen engagéiere fir op hiren Territoirë Wunnengen iwwert d'Gestion locative sociale ze mobiliséieren a Familljen ze hebergéieren.

Et ass awer och wichteg ervirzehiewen datt vill Gemengen de konventionéierte Gestionnairë vum Familljeministère Wunnengen zur Verfügung stelle fir vulnerabel Menagen ze hebergéieren an ze accompagnéieren (sief et duerch nidderschwellege Offere wéi zum Beispill am Beräich vum *Housing First,* oder och laangzäit Wunnoffere).

Ad 3)

Wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, wäert de Familljeministère iwwert dat nächst Joer a Kollaboratioun mam Secteur, betraffene Persounen, anere Ministèren a Gemengen eng nei Strategie géint d'Bekämpfung vun der Obdachlosegkeet ausschaffen a finaliséieren.

Ad 4)

An der Elaboratioun vun der neier Strategie wäert zesumme mat den implizéierten Acteuren och Instrumenter elaboréiert gi fir d'Ëmsetze vun den ausgeschafften Objektiver z'ënnerstëtzen. Et ass à ce stade nach ze fréi konkret Mesuren aus dëser Strategie z'annoncéieren, allerdéngs ass et kloer, dass d'Gemengen an der Ëmsetzung vun dëser Strategie en essenzielle Partner duerstellen.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn